Der Staat verzichtet auf die hehren Ansprüche der frz. Revolution. In einem wirtschaftlich sehr liberalen Kontext wird die individuelle Freiheit zum höchsten Gut.

Der Staat hält zwar fest am Prinzip der familialen Unterhaltspflicht, geht im übrigen hart gegen "asoziale Elemente" vor. "Au banquet de la nature, il n'y a pas de couvert vacant pour le pauvre!" (Malthus).

Industrielle Revolution:

- Auflösung der traditionellen ländlichen Familien. Der Staat muss verstärkt eingreifen.
- Schwierige Lage der Arbeiter.
- Kleine Löhne, keine Sicherheit.
- Zusammenschluss der Arbeiter.
- Legale Anerkennung der gewerkschaftlichen Freiheit (Frankreich,1884).

Internationaler Kongress zum Thema der öffentlichen Sozialhilfe 1889 in Paris:

- Die Gemeinschaft steht in der Pflicht.
- Gefordert ist vor allem die Kommune (geografisch und territorial kleinste und nächste politische Einheit); finanzielle Beteiligung des Staates.
- Prinzip der Subsidiarität (besonders gegenüber der Familie).

### 20. Jahrhundert

Große gesellschaftliche Umwälzungen:

- Armut ist nicht immer das Resultat individuellen Versagens; sie wird häufig bedingt durch politische oder wirtschaftliche Krisen
- Armut ist häufig gekoppelt an unvorhersehbare Ausgaben und/oder persönliche Schicksalsschläge (Krankheit, Unfall...)

Wandel der Familie(cfr. infra): quid: familiale Unterhaltspflicht?

Die öffentliche Sozialhilfe wird zum legal abgesicherten Recht des Bürgers; die Organisation der Sozialhilfe erfordert das Aufstellen transparenter Maßstäbe, denen entsprechend alle Bürger nach gleichen Rechten und Pflichten behandelt werden (cfr. infra: "RMG").

Europäische Sozialcharta 1961:
- Festlegung einer minimalen Sozialnorm,
- Soziale Sicherheit und Sozialhilfe.

## Luxemburg

### Vor dem ersten Weltkrieg

- Sozialhilfe der Kirche und vor allem der Frauenorden: Kleiderverteilung, Schulen,
- Volksküchen, Krankenhäuser, Heimpflege, Heime... Cfr. infra: "Vorbilder".
- Mangelnde Konzepte.
- Zunehmender" Schutz der Arbeitnehmer (cfr..Bismarck).
- Die Stahlindustrie führt das System der sozialen Sicherheit ein.

### Beginn des 20. Jahrhunderts

- liberaler Kontext
- Laizisierung der Schule
- systematischere Initiativen des Staates und der Kommunen
- Gründung von 2 "laizisierten" Sozialwerken (Aline MAYRISCH):
  - Ligue luxembourgeoise de prévention et d'action médico-sociales (Ligue contre la Tuberculose)
  - Luxemburger Rotes Kreuz

### Stahlindustrie

- Emile Mayrisch und Aline de St. Hubert "
- Eigene Sozialhilfe (ab 1920): Wohnungen, Studienbeihilfen, Schulen, Ärzte,
- finanzielle Unterstützung, Spitäler, Ferienheime...
- 1928: Einstellen einer ersten Sozialarbeiterin.
- Ausrichtung:
  - zu Gunsten allein der Mitarbeiter des Unternehmens, Problem: Entlassung oder Betriebswechsel;
  - gewissermaßen: Staat im Staat;
  - "Paternalismus" .
- Nach und nach ziehen die Arbeitgeber sich zurück.
- Wichtige Rolle der Gewerkschaften.

## Familiensoziologische Aspekte

1. **Pluralität der gelebten Partnerschafts- und Familienformen:**

   traditionelle Zweieltern- und Zweigenerationenfamilie, Hôtel-Mama-Familie, Einelternfamilie, Fortsetzungsfamilie (Stiefeltern), polynukleare Familie, "Patchwork-familiy", Homosexuellen-Familie, Adoptivfamilie, Pflegefamilie, vaterlose Mehrgenerationenfamilie, Grosselternfamilie...
2. Impakt unterschiedlicher **Familienphasen.**
   Erfordernis seitens der Ehepartner einer sehr hohen Flexibilität.
3. **Medizinischer Fortschritt**:
   - allgemeine Verbesserung der Hygiene,
   - weitaus effizientere medizinische Versorgung,
   - drastischer Rückgang der Säuglings- und Kindersterblichkeit,
   - drastischer Rückgang der Sterblichkeit der Wöchnerinnen,
   - effiziente Verhütungsmittel,
   - steigende Lebenserwartung (ca. 80 Jahre)
4. Geburtenrückgang
   Kinder als finanzielle Belastung, Wunschkinder, Einkindfamilie, Überalterung...
5. **Scheidungshäufigkeit**
   - Trennungswunden,
   - Auszug" der Väter.
6. Berufstätigkeit beider Eltern außerhalb der Familie:
   - "**Schlüsselkinder**", Großeltern, Tagesstätten, "Ersatz"-Eltern...
   - "Emanzipation" der **Mütter**: neues Selbstverständnis, gewandeltes Rollenverständnis, "militantere" Haltung gegenüber den übrigen Familienmitgliedern...
7. **"Auszug" der schwächeren, abhängigen Familienmitglieder**
   - Kleinkinder, Kranke, Behinde, Hochbetagte, Demente...
   - Bewertung: neue Freiheit und Selbständigkeit versus Verlust und Egoismus
8. Trend: von der Betriebsfamilie hin zur **Freizeitfamilie**
   - Innerfamiliales Zusammenstehen ist weniger erfordert.
   - Berufsausbildung und Berufsausübung werden ausgelagert (cfr. "Emanzipation" der Kinder und der Frauen).
   - Familienmitglieder verbringen relativ wenig Zeit miteinander.
   - Berufliche Entpflichtung der Senioren: neue Freiheit, aber auch Risiken: mangelnde Partizipation, "goldene Konsumkäfige"...
9. Trend: von der Produktionszelle hin zur **Konsumeinheit.**
   - "Outsourcmg" zahlreicher Funktionen.
   - Erfordernis einer hohen Konsumkapazität.
10. Hohe **Mobilität**:
    - häufiger Berufswechsel,
    - häufiges Umziehen,
    - viele Wege bewältigen,
    - effiziente technische Hilfsmittel (Eigenwagen),
    - hervorragende Telekommunikationsmittel (Telefon, Internet),
    - hoher Informationsgrad,
    - "life-long learning".

11. "Kolonialisierung" durch die Medien:
    - Einfluss der Werbung (auf das Konsumverhalten),
    - Banalisierung der Gewalt,
    - Rückzug in virtuelle Welten.
12. Neue und alte Formen von Familienarmut (cfr. infra "Ausrichtung der Sozialhilfe")
13. Wertewandel (cfr. infra "Wertewandel in Partnerschaft, Ehe und Familie)
14. Gewandelte Erziehungsstile:

<u>Negativ</u>:

- Trend: vom autoritären hin zum manipulativen Erziehungsstil (mangelnde Konsequenz, affektive Erpressung, "Anbiederung", Fehlen verbindlicher Normen).
- Entpflichtung der Kinder bei der Bewältigung familialer Aufgaben.

- Hohe Konsumkapazität vieler Kinder; materielle Verhätschelung.
- "Auszug" der Väter und der Männer (Familie, Schule, Hort..).
- Aufwachsen ohne Geschwister (Umgang mit Rivalität und Solidarität).
- Willkür innerhalb vieler Familien (hohe Gewaltbereitschaft, sexuelle Übergriffe)
- Impakt der Medien.

Positiv:

- Verstärkter Respekt der Kinderrechte.
- "Neue" Väterlichkeit.
- Kooperativer Elternstil.
- Kindgerechter Einsatz der neuen Medien.
- Weltoffenheit und plurale Einstellung.
- Materielle weitaus günstigere Lebensverhältnisse (Grundbedürfnisse: Nahrung, Kleidung, Wohnung, Gesundheit...).
- Interessante und förderliche Freizeitangebote (Sport, Kultur, Umwelt...)
- Pädagogisch wertvolle Angebote der Jugendeinrichtungen, der Kinderhorte, ungezählter Vereine sowie auch verschiedener Medien.

## Charakteristika der Familie heute

- Freizeitfamilie (früher: Betriebsfamilie)
- Konsumzelle (früher: Produktionsgemeinschaft)
- Primat der Liebe (früher: sozialwirtschaftliche Aspekte)
- Freiheit und Emanzipation (früher: starke soziale Kontrolle)
- "Bürde" der Nicht-Erwerbstätigen (Kinder, Alte, Behinderte, Sterbende), Auszug der Nicht-Erwerbstätigen (unterschiedliche soziale Einrichtungen)
- multi-kulturelles und spirituell offenes Umfeld (früher: kulturell und religiös uniformes Umfeld)
- wirtschaftliche und soziale Unabhängigkeit des Einzelnen (cfr. soziale Sicherheit) (früher: intra- und interfamiliale Solidarität und Einbundung)

# ZËNTER MÉI WÉI 21 JOER AM DÉNGSCHT VUM SCHIERENER BIERGER



Nodeems am leschte Louis eise Mëllechmann eis Ried an Äntwert stong, ass dës Kéier den Tour un eiser Zeitungsfra.

Zënter méi wéi 21 Joer ass d'Malou Simon-Scholer mueres fréi mat sengem Weenchen ënnerwee fir datt déi waakreg Schierener hir Zeitung scho mueres beim Kaffi kënne studéieren. Nodeems seng Mamm während 12 Joer Zeitung zu Schieren ausgedroen hat, huet d'Malou dës Charge am Joer 1984 iwwerholl.

All Dag vun der Woch (ausser natierlech sonndes) ginn 300 Dageszeitungen am ganzen Duerf verdeelt. Zur Verdeelung kommen d'Wort, de Journal, d'Tageblatt, d'Voix an de Quotidien.

Gott sei Dank gëtt d'Verdeelung vun den Zeitungen op den d'Häff, op Grenzen, op d'Colmer Gare an op d'Schierener Millen duerch de Bréifdréier matgemaach. All Dag bis op d'Schleed, de Kräizbierg oder de Léihbierg erop ass fir d'Malou Sport genuch. Dat Haus wat déi Meeschten Zeitungen kritt, kritt der dräi.

Am Ganzen ass d'Malou moies dräi Stonnen op de Been fir an all Boîte déi bestallten Zeitung ze verdeelen. Den Tour fänkt um 6 Auer un an ass sou géint 9 Auer eriwwer. Dobäi huet de Patron d'Streck gemooss a festgestallt, datt et 10 Kilometer sinn déi hat all Moies bewältegt...lo versteet ee gutt datt hat beim Nordic Walking ni midd gëtt an ëmmer mat virbäi ass.

Mir kënnen eis hei zu Schieren net beschwéieren: laut dem Uerder vun der Post, musse spéitstens um 10 Auer all Zeitungen verdeelt sinn; zu Schieren hu mir scho géint 9 Auer all eis Zeitungen an der Boîte leien. Do derbäi gëtt och nach de Weenchen gedréckt; dee vermeit zwar datt d'Malou all Zeitung muss droen, awer hun 150 Zeitungen och hiert d'Gewiicht. Leider kann hat sech et nët méi erlaaben, bei de Gaassen oder klenge Citeeë säi Weenche stoen ze loossen. Leider ginn ët aarm Geeschter, déi déi eng oder aner Zeitung matgoe loossen.

Am Duerf verdeelt huet d'Malou dräi Raviteillementsplazen an, eng Funktioun vu séngem Tour, kënnt hat dann do säi Weenchen nei opfëllen.

Seng Tir hänken och mat der Déckt vun der Zeitung zesummen - an der Vakanz sinn eis Dageszeitunge méi dënn - da brauch nëtt sou oft nogefëllt ze ginn.

30 Wochendeeg am Joer ass d'Malou nët um Tour, well dann ass Congé. Da gëtt eist Malou vun enger Remplaçante ersaat. Iwwregens muss et säi Congé fir d'ganzt Joer schon am Dezember vum

Joer virdru festleeën. Leider ass et sou oft net méiglech de Congé zesumme mat sengem Mann ze kréien. Krank feieren ass eppes wat hat nët kennt. Och wann et heescht: bei all Wieder dobaussen, dat härt of. Trotzdem gehéiert eng gehéierlech Portioun Éiergäiz a Stolz derzou, fir all Dag do ze sinn an säi Mann … Pardon, séng Fra ze stellen.

Dem Malou ass et egal wat fir eng Joreszäit mir hunn, hat ass fir all Wieder gerëscht, Reen a Wand kënnen him näischt undoen. Dat eenzegt wat hat net gäeren huet, ass wann et glat ass.

Ganz lëschteg ass et mueres fréi, wann eis Zeitungsfra deen een oder aneren am Auto - am Déifschlof - begéint, well de Wee no Heem net méi fonnt gouf. Am Summer héiert d'Malou duerch oppe Fënstere Weckere schellen an dann: Dajee, maach virun et ass scho spéit!

Nee, granzeg, ass d'Malou moies net, hatt ass op sengem Tour ëmmer frou fir e frëndlecht Wuert ze wiesselen.

Ech si frou, datt d'Malou sou fréi schon op de Been ass, sou kann ech, scho virum Schaffen goen de Sportsdeel an der Zeitung liesen.

Am Numm vun alle Schierener soen ech dem Malou een décke Merci fir seng gutt Aarbecht. Vun eisem Daffy ee spezielle Merci fir de Muppekichelchen, deen hatt ëmmer parat huet.

Ech hoffen mat him an alle Schierener, datt eist Malou eis nach laang erhaale bleiwt.

*PS: Och d'Malou seet dénen Leit Merci déi ëmmer eng oppen Dier fir hat hunn.*

Guy Berwick

# DAS ERFOLGREICHSTE JAHR IN DER SPORTGESCHICHTE DES TC SCHIEREN.

Am Abend des 9.Juli stand fest was vor der Saison wohl niemand für möglich gehalten hätte: unsere 1te Herrenmannschaft hatte den Aufstieg in die Ehrendivision in der nationalen Tennismeisterschaft geschafft und damit den Beweis erbracht dass Teamgeist und Freundschaft oftmals mehr bewegen können als materielle Anreize.

Im nächsten Jahr werden solche namhaften Gegner wie Diekirch, Colmar-Berg, Grevenmacher, Dudelingen, Esch, Mersch, Stade usw. auf unsere wackeren Tennisspieler warten; aber erst einmal der Reihe nach.

5 Meisterschaftsspiele waren nötig bis der Meistertitel in der ersten Division unter Dach und Fach war und dabei hatte die Saison denkbar schlecht begonnen: 4,5 zu 3,5 war man Ulflingen unterlegen und bereits wurden Überlegungen angestellt welche Mannschaft man denn schlagen könne um den Platz in der 1ten Division zu sichern.

Am Ende der Saison sollte sich herausstellen, dass dies die einzige Niederlage der Mannen um Kapitän Jemp Gauthier sein sollte. In der Tat spielte das Team das immer in der gleichen Besetzung antrat: Tom Kasel, Johny Mergen, Harry Putz, Marc Everard ab nun sein bestes Tennis. Angefeuert von ihren treuen Supportern Norbert Ohles und Pierrot Kasel sollte kein Spiel mehr verloren gehen. Nacheinander wurden Ettelbruck 7 zu 1, Mertert/Wasserbillig 4,5 zu 3,5, Contern 5 zu 3 und schliesslich Erpeldingen 7 zu 1 besiegt.

In mehr als einem Spiel wurde der Sieg in den abschliessenden Doppel eingefahren. Hier spielte sicher der Umstand dass die Doppel seit Jahren fast immer in der gleichen Besetzung antreten eine gewichtige Rolle. Auch der Umstand dass seit dieser Saison mit Harry Putz ein Fünfter gleichwertiger Spieler zur Verfügung stand, hat sicher zum Erfolg beigetragen.

Nach dem Fussballverein ist Schieren also wieder auf dem zweithöchsten Niveau in einer Sportart vertreten.





*Fotoen: Jos LUTGEN*

Die **Abschlusstabelle** sah wie folgt aus:

| | | | |
|---|---|---|---|
| 1. | Schieren | 12 Punkten | 51-28 sets |
| 2. | Mertert / Wasserbillig | 12 Punkten | 48-30 sets |
| 3. | Contern | 9 Punkten | |
| 4. | Troisvierges | 6 Punkten | |
| 5. | Ettelbruck | 6 Punkten | |
| 6. | Erpeldange | 0 Punkten | |

Der gesamte Vorstand des TC Schieren schliesst sich den Glückwünschen an das erfolgreiche Team an.

Guy BERWICK



*v.l.n.r: Johny Mergen, Tom Kasel, Marc Everard a Jemp Gauthier*

# D'SCHIRENER MUSEK ON TOUR 2005



Samsdes, de **9. Abrëll**: CONCERT am Centre Polyvalent zu Itzeg

Sonndes, de **24. Abrëll**: CONCERT am Kulturzenter vum Schweecherdaul zu Elveng

Freides, de **17. Juni**: QUARTIERSCONCERT an der Gewan virum Haus vun eisem fréieren a laangjäeregen Tubaspiller Hary Zimmer.

Samsdes, de **25. Juni**: vu 15.00h - 16.30h CONCERT zu Ettelbréck an der Foussgängerzon ënnerm Prapeli

*Dëse Concert sollt eigentlech op der Plaz virun der Kierch gespillt ginn. Wëll dem Wieder nit unbedingt ze traue war, haten déi Verantwortlech vum Syndicat kurzfristeg dezidéiert ënnert dem Prapeli ze spillen. Eng Dezisioun di eis entgéint koum well sou ware mir an der dréckender Hetz virun der Sonn geschützt.*







*2 Fotoen: Concert op der Plëss'05*

Dënsdes, de **28 Juni**: ëm 20.30 Auer CONCERT op der Plëss

*Et war déck warem, sou dass Terrassen op der Plëss gutt besat waren.*

Sonndes, de **10. Juli**: ëm 11.30 Auer CONCERT Apéritif Op Aal Dikrech

*Mir hunn virum klenge Geriicht gespillt, niewent bekannten Dikrecher, haten awer och eng ganz Rei Schierener Unhänger de Wee op Dikrech fond, wat mir besonnesch hei wellen ënnersträichen.*



*3 Fotoen: Quartiersconcert'05*

# SUMMERFEST VUN DER SCHIRENER MUSÉK

Sonndes den 3. Juli gouf bei guddem Wieder d'Summerfest 2005 am gewinnte Kader op der Plaz hannert dem Festsall, an am neie Sall ofgehal.

Vun 11.00 Auer un gemittlechen Apéro.

Ëm 11.30 Concert Apéritif vun der Harmonie Rollengergronn.

Ënnert der Direktioun vum Roland Schiltz huet d'Harmonie aus dem Rollengergronn mat engem gefällegen awer ansprochsvollen Concert fir di néideg Stëmmung bei Apéro gesuergt.

Vun 12,00 Auer un gouf d'Mëttegiessen zerwéiert, op der Menus-kaart stongen:
- Zalotebuffet,
- Fierkelshämmchen, Scampien,
- Kotletten, Thüringer a Mettwurscht,
- Dessert a Kaffi.

Ënnert der Regie vun eiser zouverlässiger Dammenekipp, an den erfuerenen Grillmeeschteren déi mat kriteschen Aen hir Nofollger mat erugezunn hunn, konnt näischt schief goen. Fir den Service waren wéi ëmmer eis Musikantinnen zoustännig. Nom Mëtteg-iessen an am weidere Nomëtten war Bingo fir Grouss a Kleng ugesot.

Ëm 15.00 Auer huet de Brass Ensembel vum Conservatoire du Nord, ënnert der Regie vun eisem Dirigent Blaise Stélandre, eng bemierkenswert musikalisch Prestatioun ofgeliwwert an all Muséksfrënn begeeschtert.

Ëm halwer véier huet de Jugendensembel vun der Schirener Musek, ënnert der Leedung vum Sigi a Joe, hir Weiderentwéc-klung kënnen ënner Beweis stellen.

Géint Ënn vum Concert ass de Grill nach eng Kéier ugefaange ginn, bei engem Maufel an engem Patt ass d'Summerfest auslafe geloss ginn.

CP

# DEN HÄMMELSMARSCH

Päischtsamsdes gouf mam Hämmelsmarsch d'Kiermes an de Niewestroossen, der Colmer-Gare, der Schierener Millen an op den Häff agelaut. Rendez-vous war em 1/4 op 1 an der Huelschéck beim Musekssall, an der traditionneller Tenue mat Kiddel, Fichet a Stréihut, dëst Joer bei reenegem Wieder huet natierlech de Kway oder d'Reenjackett nit dierfte feelen.

Nodeems den Hämmelsmarsch an d'Kiermes am Duerf eng Kéier virum Musekssall duerchgespillt goufen, an d'Keesjeeën hier lescht Uweisungen kruten, hu mir eis d'Huelschéck rop op de Wee gemeet.

Päischtsonndes moies war Rendez-vous ëm 1/4 op 8 am Kéiwee. Dem Weltesch Jäng seng Schof mat Fletsche gerëscht hu schon op de Schéifer an ob déi lescht Musikante gewaart. Pénktlech ass den éischten Hämmelsmarsch am Kéiwee erklongen. Mam Schéifer Fränk a senge Schof virop ass d'Musek durch d'Haaptstrooss gezunn fir och hei op d'Kiermes anzestëmmen. De Schéifer Fränk hat seng Schewercher allzäit am Gréff, an d'Kanner loossen hire Kaffi ston, fir mat den Hämmel matzegon.

Fotoen: FEINEN Jemp





# F.C. JEUNESSE SCHIEREN - GENERALVERSAMMLUNG

Nach einer Gedenkminute für die verstorbenen Mitglieder eröffnete Präsident Jos Lutgen vor vollem Saal die 59te Generalversammlung.

Mit Stolz konnte er vermelden, dass der sportliche Niedergang gestoppt werden konnte.

Er bemerkte, dass vor der Saison der sofortige Wiederaufstieg keine Selbstverständlichkeit war da eine Vielzahl von neuen Spielern integriert werden musste. Er bedankte sich dann bei allen grossen und kleinen Gönnern des Vereins.

Besonders erwähnte er dabei die Gemeindeverwaltung und den Supporterclub. Ein Wort des Dankes ging auch an die treuen Supporter, die endlich wieder Grund zum Jubeln hatten.

Er stellte dann der Versammlung die neuen Spieler vor (Marco Bulas, Paulo Santos Pinto, Steve Polfer, Janusz Pruchenski, Alexandre Plucinski) und wünschte den Spielern, die den Verein verlassen, alles Gute. Janusz Pruchenski wird Assistent von Norbert Braun und trainiert zugleich die II Seniorenmannschaft.

Sekretär Fiedler Mil, dienstältester Sekretär des luxemburgischen Fussballs, trug dann in gekonnter Manier den Tätigkeitsbericht vor. Er appellierte an die Solidarität aller Vereinsmitglieder damit der Verein nächstes Jahr sein 60 jähriges Wiegenfest unter den besten Voraussetzungen feiern kann.

Jos Zeimes konnte der Versammlung als Kassierer ein positives Ergebnis vermelden. Bei Ausgaben von EUR 61.686,26 und Einnahmen von EUR 65.078,71 blieb ein Plus von EUR 3.392,45 zu verzeichnen. Diese erfreuliche Zahl wird allerdings dadurch verschönt, dass durch die zahlreichen Abgänge mehr als EUR 14.000 an Transfertentschädigungen eingenommen werden konnten. Dies kann sich in der nächsten Saison bereits wieder ändern. Er wies darauf hin, dass sich die Ausgaben im Jugendbereich auf EUR +- 17.000 belaufen. Bei stagnierenden Einnahmen gilt es die Ausgaben unter Kontrolle zu halten. Beweis genug, dass der Verein sich keine grossen Extras leistet ist die Tatsache, dass der letzte Vereinsausflug auf 1988 zurückgeht. Die in letzter Zeit aus finanziellen Zwängen getätigten Fusionen sind Warnung dafür wie schnell sich die Lage ändern kann.

In der kommenden Saison werden erstmals in der Vereinsgeschichte 6 Jugendmannschaften am Spielbetrieb teilnehmen. Im

Jugendbereich zählt der Verein fast 130 Lizenzen. Es bleibt zu hoffen, dass es ihren Trainern Raymond Bartholmé, Carlo Thill, Berardi Sergio, Antunes Paulo und Scazarri Gino gelingt Jugendspieler zum Sprung in die erste Mannschaft zu helfen.

Die Kassenrevisoren Bormann Jos und Feipel Vic bestätigten die mustergültige Buchhaltung und baten die Versammlung um Entlastung die dann auch per Akklamation erteilt wurde.

Der Mitgliederbeitrag blieb unverändert bei EUR 15. Dieser Betrag ist im Vergleich mit von anderen Vereinen verlangten Beiträgen fast als symbolisch anzusehen.

Wie es die Tradition will war es dann Josée Schmitz- Goerens als Vertreterin des Supporterclubs der Versammlung über dessen Aktivitäten und die finanzielle Lage zu berichten. Es ist genauso Tradition, dass sich die Miene von Kassierer Jos Zeimes erhellt als angekündigt wurde dem Stammverein einen Scheck in der Höhe von EUR 15.000 zu überreichen. Man kann die Arbeit des Supporterclubs unter ihrem dynamischen Präsidenten John Conté nicht genug hervorheben und ohne diese Unterstützung würde es düster aussehen.

Deshalb an dieser Stelle ein grosses Dankeschön an Josée Schmitz- Goerens, Gaby Lutgen-Petry, Gréitchen Bertemes-Schmitz , Carmen Everard-Nilles, Christiane Gengler-Reiter und John Conté. Nicht vergessen darf man natürlich den Grillchef Nico Hilger.

Als kleines Dankeschön wurde den Damen des Supporterclubs ein Blumenstrauss und ihrem dynamischen Präsidenten John Conté etwas Flüssiges überreicht.

Zum würdigen Abschluss wurde Jemp Schmitz für 25 Jahre Mitgliedschaft im Verwaltungsrat geehrt. Eine Armbanduhr soll ihn ein wenig für die viele Arbeit im Dienste des Vereins entschädigen. Jemp Schmitz war auch aktiver Spieler bis er bei einem Spiel



mit der Reservemannschaft eine schwere Verletzung erlitt. Er blieb dem Verein Gott sei Dank in anderer Mission erhalten.

Mit einem vom Verein angebotenen Buffet fand die Versammlung ihr Ende.

Da es keine Kandidatur oder Demission beim Verwaltungsrat gab blieb es bei folgender Zusammensetzung:

- Ehrenpräsident: ............ Jos Nilles
- Präsident: ............ Jos Lutgen
- Vize-Präsident: ............ Jemp Schmitz
- Sekretär: ............ Mil Fiedler
- Kassierer: ............ Jos Zeimes
- Technischer Sekretär: ............ Marcel Bertemes

Mitglieder: Willy Biebricher, Nico Hilger, Carlo Garson, Jemp Meisch, Cos Gengler, Claude Pauwels, René Zeimet, André Schmit.

# F.C. JEUNESSE SCHIEREN - AUFSTIEGSFEIER

Nach zwei aufeinander folgenden Abstiegen konnte endlich die Talfahrt gestoppt werden und eine goldene Seite ins Vereinsbuch geschrieben werden.

Nicht oft konnte man in der langen Vereinsgeschichte eine Aufstiegsfeier solange im Voraus planen. Bereits nach dem viertletzten Spieltag war der Mannschaft der direkte Wiederaufstieg nicht mehr zu nehmen.

Nahtlos konnte man nach der Winterpause an die Erfolge der Vorrunde anknüpfen. Ein Sieg nach dem anderen wurde eingefahren und es gab keinen einzigen Punktverlust mehr. Die Gegner konnten einem fast leid tun so groß war die Überlegenheit der Schierener Mannschaft.

Die Mitkonkurrenten für den Aufstieg Vianden, Ell und Norden 02 wurden zum Schluss sozusagen als Sahnehäubchen problemlos abgefertigt. Um nicht den Eindruck einer Manipulation aufkommen zu lassen wurde war dies auch Zeuge einer fairen Einstellung.

In der gesamten Meisterschaft gab es nur eine Niederlage und zwei Unentschieden zu verzeichnen. Dies bedeutete eine Punktzahl von 76. Bourscheid die uns als einzige Mannschaft eine Niederlage beigebracht hatte musste bitter dafür büßen und wurde mit 10-2 regelrecht vom Platz gefegt.

In der 59 jährigen Vereinsgeschichte bedeutet das Torverhältnis von 1o1 geschossenen Toren bei nur 16 Gegentoren das zweitbeste Ergebnis. Nur in der Saison 1963-1964 gab es in der III Division mit 158-28 ein besseres Verhältnis. Die nur 16 zugelassenen Gegentore von Torwart Norbert Braun bedeuten hingegen absoluten Vereinsrekord.

Keine andere erste luxemburgische Seniorenmannschaft hatte in der Saison 2004-2005 ein besseres Torverhältnis aufzuweisen und mehr Punkte erzielt.

Trainer Norbert Braun und seinem Assistenten Carlo Schroeder gelang es die vielen neuen Spieler zu einer homogenen Mannschaft zusammenzuschweißen die einen lange nicht mehr gekannten Offensivfußball praktizierte.

Zum letzten Spiel am 5. Juni in Weiswampach gegen Norden 02 fuhren die Mannschaft mit ihren treuen Supportern zusammen mit dem Bus.

Extra angefertigte „ calicots" wurden von den Jugendspielern getragen.




Nicht schlecht staunten wir als Eliane und Jos uns in ihrem in den Vereinsfarben dekoriertem Auto überholten.

Vor dem Spiel stimmte man sich gesanglich bereits ein.

Die gute Stimmung unter den Supportern litt weder unter dem Sauwetter noch dem nicht eingeplanten Rückstand  und die Mannschaft wurde dauernd  angefeuert.

Mit 2 Toren  wurde der Spieß zum Schluss noch umgedreht. Als Goran Stankovic beim Ausgleich das hundertste  Tor der laufenden Meisterschaft erzielte kannte der Jubel keine Grenzen mehr.

Nach Abpfiff des Schiedsrichters gab es kein Halten mehr und das Spielfeld wurde gestürmt und der seltene Moment per Gruppenphoto festgehalten.







Unter den Spielern und den Supporten wurden anschließend Trikots mit dem Schriftzug „Bim, Bam Biren Champion ass Schieren" verteilt.

Anschließend hatte die Buvette Hochkonjunktur. Die Fans des Norden 02 waren natürlich enttäuscht da ihre Mannschaft den direkten Aufstieg verpasst hatte.

Chauffeur Marcel Bertemes musste zur Eile mahnen da um 20 Uhr der Empfang geplant war.

Am Dorfeingang stand die „Schirener Musek" die sich spontan bereit erklärt hatte die musikalische Umrahmung zu gestalten, bereits parat. Nach dem Überreichen von Blumensträußen ging es dann Fanfare en tête zum Festsaal der randvoll war. Unterwegs gab es viel Beifall.

Der Präsident hatte im Fiat Uno von Schmitz Marc Platz genommen und schwang eine Fahne in den Vereinsfarben.







Vor dem Festsaal spielte die Fanfare noch einige Märsche.

Im Festsaal bedankte Präsident Jos Lutgen  sich bei den Trainern Norbert Braun und Carlo Schroeder, dem Masseur und natürlich den Spielern.




Er wies auf die schwierige Ausgangslage hin und rief dazu auf in der kommenden Saison noch  mehr und härter zu trainieren  damit der Aufstieg vielleicht eine Fortsetzung erfährt. Anschließend lud er die Anwesenden zu einem vom Verein gesponsertem Umtrunk ein.

**!!! WICHTEG !!! POMPJÉEN!!! WICHTEG !!!**

# <u>ÉISCHT HËLLEF COUREN</u>

**gehaalen vun der Protection Civil**

## zu SCHIEREN am Pompjéesbau

## ëmmer Freides owes.

**<u>Éischte R.d.v.:</u>**


## Freides, den
## 15. Oktober 2005
## um 19.30 Auer



**!!! WICHTEG !!! POMPJÉEN!!! WICHTEG !!!**

# NEIT TEAM ZU SCHIEREN!

Zënter dem 11. Juli huet den Baseball ee neit Team fir virzestellen: een mixed Softballteam! Wat genau ass Softball!? Vum Spillprinzip hier ass keen Ënnerscheed op den Baseball...et geet ëmmer nach dorem de Ball mam Schléier an den Terrain ze schloen an dann ee kompletten Tour ëm d'Basen ze lafen fir ee Punkt ze kréien. Wat anescht ass, ass virun allem den Terrain. Wou mir beim Baseball eng Distanz vu 27 Meter vun enger Base op déi Aner hunn, sinn et der beim Softball nëmmen 17 Meter. Den Pitcher, de beim Baseball op 18,5 Meter steet, ass beim Softball 15,5 Meter wäit ewech. Hien schéisst de Ball, de bal duebel esou déck ass wéi beim Baseball, och net vun uewen dem Schlagmann entgéint, mee e gehäit de Ball vun ënnen erop an d'Strikezone. Dës weideren sinn et beim Softball net 3 mee 4 Spiller am Outfield.




Softball gëtt weltwäit a mixed Ekippen, virun allem awer vun Damme gespillt an ass och eng olympësch Disziplinn. Hei am Land gëtt et momentan ausser zu Schieren just zu Biekerech nach e Softballteam. Nodeems déi éischt 2 Traininger net vill Undrang war, huet eist Team mëttlerweil ee Kader vun 12 Meedercher an engem Här, déi alleguer mat Begeeschterung derbäi sinn an um Training deelweis méi Enthousiasmus un den Dag leeën wéi verschidde Leit aus dem Härenkader, wat dem Comité natierlech weist, dass de Schrëtt als Veräin Softball unzebidden absolut richteg war. Dës weidere freet et eis och op dëser Plaz matzedeelen, dass de Cowboys Baseballclub vum nächste Joer un mat der Jugendaarbecht ufänkt, woubäi awer nach net feststeet, ëm wéieng Alterskategorien et sech do handele wäert.

D'Cowboys schléissen d'Saison 2005 viraussiichtlech op der ondankbarer 3. Plaz of, wat heescht, dass d'Finals just verpasst goufen. Massiv personell Problemer hunn sech duerch déi ganz Saison gezunn an de Coach konnt net eemol a bis elo 15 Mätcher op séng Idealformatioun setzen. Dobäi koum, dass dat neit Team vu Jonglënster mat all séngen Amerikaner, Cubaner, Dominikaner,...a wat och ëmmer, einfach nach ze staark war. Wann d'Cowboys et fir d'nächst Saison awer fäerdeg bréngen all onverletzt ze bleiwen an och méi regelméisseg trainéieren kënnen, gesäit dat 2006 mat Sëcherheet anescht aus! Leschte Mätch fir dës Saison ass dann e Sonndeg, den 11. September zu Schieren géint Saarbrécken.

Ee grousse Merci vun dëser Plaz un d'Gemeng, déi eis mat Offall vun den Tennisfelder an engem neie Stéck Maschendrot ee formidabele Backstop op eisem Traningsterrain opgeriicht huet.

Mir ginn zwar nach net esou verwinnt wéi d'Team vu Biekerech, déi am Fréijoer hieren eegenen Terrain aweien waerten, mee mir sinn um gudde Wee. Merci also un d'Gemeng.

AL



*<u>hannen v.l.n. r.:</u> Cathy Müller, Corinne Strotz, Carole Zimmer, Cyril Melan, Claude Schneider, Nadia Arend*

*<u>vir v.l.n.r.:</u> Anne Schneider, Carole Miny, Betty Schneider, Carole Becker*

# GAART AN HEEM SCHIEREN

## Mammendagsfeier

Samsdes, den 11. Juni em 19,30 Auer war eis Mammendagsfeier am grousse Festsall. No der Begréissung vun eisem President goufen d'Mammen an all di aner Duerfleit am Sall musikalesch verwinnt.



De Kannerchouer vum Schierener Gesank hat séin éischte groussen Optrëtt op der Bühn. Ennert der Direktioun vun hirem Dirigent, dem Antonio GROSU, hu si mat Begeeschterung op Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch an Englesch, hir Lidder gesongen. Den Applaus huet hinne bestätigt, dat si hir Saach gutt gemaach hunn an um richtege Wee sinn,fir eemol eng kompetent Verstärkung fir de Schierener Gesank ze ginn.



Am zweeten Deel vun der Feier huet de Jugendensemble vun der Schierener Musek, an enger neier Formatioun, ënnert der Leedung vun hiren zwee engagéierten Dirigenten, dem Joé KAYSER an dem Marc GARSON gespillt. Och si hunn hir Saach ganz gutt gemaach; sou brauch d'Musek sech keng Gedanken ëm hir Zukunft ze maan. No der Zéiung vun der Tombola kruten d'Mammen hire Kado iwwerreecht.

Sonndes, den 12.Juni war ëm 10,30 Auer d'Houmass fir d'Mammen.



## Léiwfrawëschdag

Och dest Joer hu mir den traditionnelle Wësch gemaach.

Mir hunn eis net vum Reen ophale gelooss, a schons e puer Deeg virum 15. August hu mir ugefaang, all néideg Planzen, Kraider, Blummen a Geméis zesummen ze droen.

Sonndes moies , den 14. August no der Mass an no enger gudder Taass Kaffi, hu mir iwwer 70 Wësch gebonnen. Duerno gouf de Stëpps vum Weess a vun der Huewer mat engem Glas Schampes erofgeschwenkt.



Méindes, Léiwfrawëschdag, no der Houmass hu mir di geseenten Wësch virun der Kierch verdeelt.



# GEMEINSAM FIRMUNG POR SCHIEREN AN COLMAR

Den 11. Juli hu mir zu Schieren Firmung gefeiert. Fir d'Iddi vun der Zesummenaarbecht am Parverband e Stéck wäit ze réaliséieren, hu mir des Firmung mat Colmer zesummen virbereet an di Colmer Jugendlech sin dann och zesummen mat deene Schierener gefirmt gin.

Et war duerfir och nët verwonnerlech, datt 50 Kandidaten d'Sakrament vum Här Erzbëschof gespend kritt hun.

No enger flotter Mass, déi deelweis vun den Firmlingen selwer präparéiert gi war, hunn di zwou Gemengen e Patt an een Häppchen am Gemengesall offréiert.

Op dëst Evenement waren di Jugendlech schon eng laang Zäit virdrun vun enger Equipe aus deenen zwou Paren virbereet ginn. Jiddereen huet mindestens dräi Aktivitéiten matgemaach. Et stongen zur Auswiel: Film zu Ëlwen am Kino mat duerno enger Diskussioun bei Gedrénks a Kuch, Jugendkräizwee zu Colmer, Pélé des Jeunes mat enger Veillée um Cents, Informatiounsnomëtteg am CHNP zu Ettelbréck, Jugendmass zu Colmer, Bibelowend zu Schieren an zwee Formatiounsdeeg zu Colmer am Gemengesall.

Des Aktivitéiten waren all gutt besicht a besonnech während deenen zwee Formatiounsdeeg, hunn di Jugendlech geléiert, wat d'Sakrament vun der Firmung bedeit.

Mir sin iwwerzeegt, datt desen Asaz sech gelount huet an datt duerch d'Firmung eppes Nẹies a jidderengem vun de Jugendlechen entstan ass.

Camille SCHARTZ







# WELTJUGENDTAG IN KÖLN

## WIR SIND GEKOMMEN, UM IHN ANZUBETEN!!

Ënnert desem Motto haten sech an der Zäit vum 10.08 - 21.08 honnertdausende jonk Chrëschten versammelt fir den Weltjugenddag mateneen ze feieren.



Den alleréischten JmJ war 1986 op Initiativ vum eisem Popst Jean-Paul II. Vun do un waren JmJ all 2 Joer an enger anerer grousser Stad (Roum, Paräis, Toronto....).

Dëst Joer sollt dësen Weltjugenddag zu Köln stattfannen. Fir d'Diözes Luxembourg eng eemoleg Geleeënheet am Virprogramm matzewierken. An sou koum et ..... An der Woch vum 10. August haten mir hei zu Lëtzebuerg d'Chance fir schons eppes vun der flotter Stëmmung matzekréien. Mëttwochs den 10. August am spéiden Nomëtteg konnte mir 123 jonk Gäscht aus Italien, Japan an Frankräich an der Ettelbrécker Däichhal empfänken. Dovun waren 23 jonk Leit an eisem Porverband selwer ënnerbruecht. Een décke Merci deene Familljen, déi Jonker bei sech opgehol haten.

*„Gäste sind ein Segen für uns alle!"*

An esou war et och. Schon de Virprogramm war ee vollen Erfolleg. Schnell ware mir Lëtzebuerger vun der Spontanitéit an



der erfrëschender Spiritualitéit vun eise Gäscht ugestach. Trotz sproochlechen Differenzen hu mir eis schnell verstan.....

Bonjour, Buongiorno, konnitchi wa ? - null problemo.

Net méi spéit wi Donnesdes zu Ettelbréck an der Kierch beim Moiesgebiet konnt e spiren, des Gemeinschaft gëtt vun der selwechter Begeeschterung zu Jesus Christus gedroen.

Dat schéinst war matzerliewen, wéi am Laf vum Dag ëmmer nees aner Gruppen sech zesumme font hunn, fir spontan e Gebiet ze maachen. Och hir freedeg Lidder hu begeeschtert.





D' Stëmmung huet sech vun Dag zu Dag gesteigert. Et war eng Freed fir sech mat dese jonke Chrëschten 3 Deeg laang auszetauschen an zesummen eise Glawen ze liewen. No ville flotten Workshops, Fester, Gebieder a Gottesdingschter war d'Stëmmung e Méindeg de 15. August zu Iechternach op hirem Héichpunkt. An der feierlecher Ceremonie d'envoi huet eisen Erzbëschof déi Jonk op Köln geschéckt fir do hire Glawen mat 400.000 aneren Chrëschten ze feieren. Dest wor e bewegende Moment, wéi si fir d'lescht gewénkt hunn an an de Bus geklomm sin ... Addi, Ciao, Sayonnara, au revoir....Vill flott Begéignungen an Erfahrungen hate mir gemeet.



Zu Köln hate si alleguer datselwecht Ziel: zesummen Jesus Christus feieren, nei Frëndschaften an natierlech och de Popst ze gesinn.

Alles dat wat mir vum Weltjugenddag an de Medien verfollge konnten, war e Beweis duerfir, dass dese Weltjugenddag e vollen Erfolleg war.

Weltjugenddeeg kënnen leider net all Dag gefeiert gin - eise Glawen a mënschlech Werter awer schons.

Dëst zu Köln war een hoffnungsvollt Bekennen zu Gott, zu Jesus Christus an zum Mateneen vun eis alleguer.

Sylvie

# AMIPERAS - AUSFLUG

Den 8. Juni huet d'Amiperas mat 33 Leit, een Ausflug op de Wuermerbierg gemaach. Den Här Schumacher huet eis seng Bäckerei virgestallt, an erklärt, wéi esou ee grousse Betrieb muss gefouert ginn, fir ze funktionéieren. Hei an do ass och mol e bëschen geschneekt ginn. Bei engem Glas Schampes hu mir hir „amuse gueules" probéiert an duerno hu mir an hierem flotte, gemittlech ageriichte Restaurant, d'Mëttegiessen zerwéiert kritt. Dunn ass et weider gang op Konz, op de „Roscheiderhof". Fir déi grouss Anlag e bëschen méi genee ze kucken, misst een ee ganzen Dag dohinfueren. Et war déck waarm deen Dag an d'Visite am Musee war anscheinend zevill ustrengend, well de Grupp, dee mat der Madame virugaang ass, huet ëmmer méi ofgeholl. An der Schlossschänke hate mir „Kaffee und Kuchen" bestallt. D'Portioun war esou grouss ausgefall, dass kee méi en Nuechtiessen gebraucht huet.





# AMIPERAS - GRILLFEST

Dëst Joer hate mir eist Grillfest de leschte Mëttwoch am Juni. Bei guddem Wieder hunn eis Grillmeeschteren , den Aly an de Jos, versicht, eis Leit esou séier wéi méiglech zefridden ze stellen. An der Kichen si Gromperen gebrode ginn, an den Zaloten- an Dessertsbuffet waren och gut gedeckt.

De Komité vun der Amiperas seet villmols Merci, fir Äer Ennerstëtzung, sief dat mat enger Zalot, engem Dessert, Aerer Hëllef, a virun allem och deenen déi do waren fir z'iessen.



*Fotoen: Garson M.*

**D'JOURNEE DU GRAND-AGE**
**ass SONNDES, DEN 23. OKTOBER**

# INFO - ANTENNE

*********************************************************************
news --- last news --- last news --- last news --- last news --- last news --- last news ---
*********************************************************************

## Accès Internet HiSpeed par câble TV

Outre les abonnements déjà connus (sans limites de trafic ou de temps)

| | | |
|---|---|---|
| HiSpeed 1000 | download 1024 kbps, upload 128 kbps | prix : € 40 / mois |
| HiSpeed 2000 | download 2048 kbps, upload 192 kbps | prix : € 50 / mois |
| HiSpeed 3000 | download 3072 kbps, upload 256 kbps | prix : € 70 / mois |

Luxembourg Online a lancé son nouveau produit Internet par Cabletv :

**HiSpeed Lite FLAT**

Lite
Hi Speed

Abonnement HiSpeed Lite
**€ 28,- / mois ttc**

download 512 kbps, upload 96 kbps
capacité download illimitée
tarification supplémentaire : 0 ct€ / MB

Modem + Installation par un technicien
**= € 0,-**

Avec le service CABLETV INTERNET.LU, vous recevez

- L'accès Internet haut débit
- 3 adresses e-mail gratuites
- l'hébergement de votre homepage
- service SMS
- service Agenda
- service carnet d'adresses
- facturation par Luxembourg Online, par e-mail ou par courrier
- l'assistance technique en ligne ou par téléphone

Luxembourg Online sa
14, avenue du X Septembre
L-2550 Luxembourg
Tél. :45 25 64
E-mail : **cabletv@online.lu**

LOL
LUXEMBOURG.ONLINE

Bénéficiez en outre du nouveau service de téléphonie par Internet "**Internet Phone**"

Visitez **www.cabletv.internet.lu** pour plus d'informations et/ou le site de l'Antenne Collective Schieren **www.schieren.org**

Jerr. Kemp

# SUMMERFEST VUM TURNVERAIN

De 26. Juni huet de Schierener Turnveräin op säin traditionnellt Summerfest an der Sportshal agelueden. Viru gutt gefëllter Tribün hunn d'Turnerinnen an Turner aus der Sektioun „Ons Kanner" ënnert der geschéckter Leedung vun hiren Monitricen Carole Zimmer a Sarah Thill mat Bravour hir Uebungen virgefouert, déi si op déi wonnerschéin Musik vum Lion King astudéiert haten.

Fir nei Adepten an den Trendsport Nordic Walking anzeféieren hat sech d'Trainerin Sophie Gidt spontan bereet erklärt, fir mat Witz a Charme eng Schnupperstonn ze halen. Hir Schüler waren begeeschtert a vill vun hinnen hun sech fir de Summerwalking ageschriwwen.








Formidabel war duerno d'Demonstratioun vum Grupp Self-Defense ënnert der Regie vun den Traineren Isabelle Grüneisen a Manfred Logelin.

An der Cafeteria as de ganze Mëtteg dofir gesuergt gin, dass keen Honger oder Duuscht huet misse leiden a sou konnt d'Summerfest gemittlech bei engem gudde Patt ausklléngen.





De Programm fir déi nei Saison fannt Dir op den nächsten Seiten hei am Louis.

Juliette Kemp



# TURNVERAIN SCHIEREN ASBL

## SAISON 2005-2006

***à partir du 21.09.2005***



**NORDIC WALKING**
MARDI A 19.00 HEURES TOUTE L'ANNEE SANS INTERRUPTION



**MAMAN ET BEBE**
MERCREDI DE 9.30 A 10.30 HEURES



**GYMNASTIQUE « WELLNESS »**
JEUDI DE 19.30 A 20.30 HEURES



**GYMNASTIQUE « GESONDHEETSTURNEN »**
VENDREDI DE 16.45 A 17.45 HEURES



**SELF-DEFENSE-MIXTE** ( A PARTIR DE 5 ANS )
VENDREDI DE 18.00 A 19.30 HEURES



**JEUX-MIXTE** ( 3 A 6 ANS )
SAMEDI DE 10.00 A 11.30 HEURES



**SELF-DEFENSE**
Fir Erwuessener a Kanner vun 5 Joer un.



**NORDIC WALKING**
Nordic Walking as e Ganzkierpertraining fir Jonk an Al. Et steigert d'Konditioun, trainéiert d' Béen an déi verschidde Muskelen vum Uewerkierper, verbessert d'Beweglechkeet, léist Verspanungen a fördert d'Durchbluddung.



**TURNEN FIR DEN 3. ALTER**
Einfach an lues Übungen vum Kapp bis an d'Zeiwenspëtzten.
Fir déi eeler Leit déi nach fit sin oder et rëm wëllen gin.

Pour tout renseignement, n'hésitez pas à contacter Madame Juliette KEMP
au tél. 81 88 02 ou Madame Marie Anne PLETSCHETTE au tél. 81 84 06

# BBC BLACK FROGS SCHIEREN

## SAISON 2004/2005

An der ofgelaafener Saison 2004/2005 war de BBC Black Frogs Schieren mat 6 Ekippen um Championnat bedeelegt. Dovu waren ët dräi Jugendekippen, je eng bei de Poussins-mixtes, de Fillettes an de Scolaires.

Ennert der Leedung vum Steve Herrmann, hunn d'Poussins-mixtes an der éischter Phase vum Championnat hir éischt Experienz an der Compétitioun gesammelt. Mir haten eis ni erlaabt ze dreemen, datt sie an der  zweeter Phase schon esou ee Succès hätten. Vun zing Mätscher hu sie der ning gewonnen an een zu Hamm verluer. Mat dëser Leeschtung si si punktgläich mam éischten op di zweet Plaz komm. An dëser Kategorie gouf et nëmmen eng Divisioun, wouvunner d'Federatioun keen offizielt Classement mëcht, mä fir eis si si awer Vize-Champion.




*Foto: Poussins-mixte*

D'Fillettes, déi vum Marcelle Jeanpierre trainéiert ginn, hunn et net manner schlecht gemaach. Si hu während dem Joer vu 16 Mätcher der nëmme sechs verluer, wat hinnen an der Phase finale vum Championnat eng zweet Plaz an der Tabell abruecht huet, wat och den Opstieg an déi 3. Divisioun fir d'Saison 2005/2006 bedeit.




*Foto: Fillettes*

Bei de Scolaires si mer frou, datt si erëm eng Kéier mat nëmmen engem Grapp voll Leit eng ganz Saison gespillt hunn. De Vlado Gruskovnjak huet et fäerdeg bruecht fir bal bei all Mätsch minimum 5 Spiller zesummen ze kréien, (Kader vu 7) an nëmme bei engem Mätsch vu 14 misste Forfait erklären. Trotzdeem hu si awer nach ee Mätsch dovunner gewonnen.




*Foto: Cadets*

D'Dammen, déi am Ufank vun der Saison vum Yves Simon, an no deem sénger Démissioun vum Vlado Gruskovnjak trainéiert goufen, hunn déi schlechste Saison zënter laangem hannert sech. Si hu vun 20 Mätscher der just 5 gewonnen, a sinn domat net iwwert déi leschte Plaz an der National 2 erauskomm. Duerch Spillreglementer vun der FLBB, déi vun zwee aner Veräiner net agehale goufen, spille sie d'Saison 2005/2006 awer erëm an der National 2.

Eise neien Trainer bei den Hären, de Jean-Charles Grézault huet et fäerdeg bruecht, aus eise Jongen erëm eng Ekipp ze formen. Dat huet sech och am Ufank vun der Saison an de Resultater erëmgespigelt. Si haten et fäerdeg bruecht an den Opstiegsplayoff fir an d'National 2 ze kommen. Hei huet een awer séier gemierkt, datt et net nëmme mat enger gudder Ambiance an der Ekipp duer geet fir gutt Resultater ze maachen.

## AUSFLUG OP BRÉISSEL

Den 28. an 29. Mee waren eis Seniorsekippen bei Bréissel, wou den Härentrainer, Jean-Charles Grézault emol gespillt hat, zwee





Frëndschaftsmätscher spillen. Eis Hären haten hire Mätsch verluer, dofir haten d'Dammen ët awer besser gemeet. Duerno hate mir do nach gegrillt, éier mer d'Nuetsliewen zu Bréissel onsëcher gemeet haten.



## SCHNUPPERDAAG 2005

Net manner ewéi 30 nei Aschreiwungen hate mir de 4. Juni bei eisem zweete Schnupperdag. Dëse Succès erlaabt eis mat zwou Jugendekippen méi ewéi d'lescht Joer an d´Saison 2005/2006 ze goen. Dës sinn: Cadets, Filles-Scolaires, Minimes, Filettes a Poussins-mixtes.





*Fotoen: Schnupperdag*

## JUGENDTURNÉIER AN NITEBASKET 2005

Den 11. an 12. Juni hu mer duerch onglécklech Ëmstänn de Jugendturnéier an eise Nitebasket op ee Weekend misste leeën, wat fir eis zwee laanger Deeg bedeit hat. Samsdes mëttes hu mer mam Jugendturnéier ugefaangen fir owes um 21 Auer mam Nitebasket virun ze fueren. Dat hat eis net dru gehënnert fir Sonndes moies direkt mam Jugendturnéier virun ze fueren. De Succès hat eis awer Recht ginn. Mat 24 Jugendekippen beim Turnéier, an 31 Ekippe beim Nitebasket, waren op dësem Weekend ronn 300 Basketspiller zu Schieren an der Haal.










*Fotoen: Jugendturnéier an Nitebasket*

## GENERALVERSAMMLUNG 2005

Eis 10. Generalversammlung hate mir e Freideg, den 8. Juli, ofgehalen, an hu Bilan iwwert dat vergaangent Joer gezunn. Eise Conseil d'administration setzt sech no den Ofgäng vum Rasqué René an Uri Jonny, an no den Zougäng vum Herrmann Steve, Gruskovjnak Vlado, Herber Camille an Tibessart Claude folgendermoossen zesummen:

Präsident: Hilger John, Vizepräsident: Arendt Alex, Sekretär: Herrmann Steve, Keessier: Kemp Romain, Memberen: Jeanpierre Marcelle, Gruskovjnak Vlado, Herber Camille, Nols Tom, Pick Ed, Steffen Joe an Tibessart Claude, Eirepräsident: Schroeder Ferd



*Foto: Comité*

*Et feelen: Gruskovjnak Vlado, Tibessart Claude, Pick Ed*

**Eis nächst Manifestatiounen:**

| | |
|---|---|
| **Seniorenturnéier** | **18. September 2005** |
| **Ufank Saison 2005/2006** | **01. Oktober 2005** |
| **Mullenowend** | **15. Oktober 2005** |

# 4. SCHOULJOER

Mir sinn zu 19 Kanner an der Klass a mir si schon dat zweet Joer bei der Joffer Stüren. Am Laf vum Joer hu mir vill mam Rose Michels gemolt, well mir wollten am 4. Schouljoer eng Ausstellung maachen. Mir hunn eis Biller all versteet a mat deene Suen si mir op Paräis gefuer.

*1. Rei leiend: Michael Pires Dos Reis*
*2. Rei v.l.n.r.: Jeff Nowotny, Jeremy Berardi, Patrice Wenner, Sandy Wohl*
*3. Rei: Tatjana Nowotny, Wendy Delgado Andrade, Chiara Antunes Ribeiro, Sonia Garson, Jason Rebelo Neves, Eric Schaap, Pol Hansen, Sara Pinheiro Tavares, Lynn Hilger*
*4. Rei: Dylan Guerra Alves, Pit Elcheroth, Denise Pires, Nuno Da Silva Abreu, Giampaulo Porritiello, Myriam Stüren hir Léierin.*



# VOYAGE SCOLAIRE À PARIS!



*«Photo Paris»*

Le 24.06.2005, nous, les élèves de la quatrième et la cinquième année, sommes allés avec l'autobus à Paris. Nous avons vu la Tour Eiffel qui a une hauteur de 320 mètres et Gustave Eiffel en a fait les plans.

Près de la Tour Eiffel, il y a un fleuve, la Seine. Nous avons pris un bateau-mouche pour faire un tour sur la Seine. Sur le bateau-mouche, nous avons vu Notre-Dame et le Louvre de l'extérieur. A l'intérieur du Louvre est exposé une oeuvre très connue, la «Joconde».

Nous sommes aussi allés au Sacré-Coeur. En bus, nous avons fait la Place de l'Etoile et nous avons vu l'Arc de Triomphe. Nous avons traversé les Champs Elysées.

Nous sommes également allés aux Invalides. Paris est très beau et très grand. Le centre ville a 2,5 millions d'habitants et avec les banlieues, il y a 11 millions d'habitants.

Rédaction faite par: Eric SCHAAP (élève de la 4ième primaire)

# AUSSTELLUNG: „ART À L'ÉCOLE"

Am 17. und 18. Juni 2005 hatten die Schüler des vierten Schuljahres mit ihrer Lehrerin Myriam Stüren zur Ausstellung ihrer Kunstwerke in die Sporthalle eingeladen. Viele interessierte Besucher hatten sich eingefunden um die Kunstwerke der jungen Künstler bestaunen zu können.

Unter der Anleitung der Hobbykünstlerin Rose Michels aus Schieren hatten die Schüler 33 abstrakte Bilder mit leuchtenden Acrylfarben hergestellt. Die Bilder wurden meistbietend versteigert. Mit den Einnahmen hat die Klasse einen Ausflug nach Paris finanziert und den Rest des Geldes wird sie spenden.



*1. Rei v.l.n.r.: Patrice Wenner, Jeff Nowotny, Wendy Delgado Andrade*
*2. Rei: Sara Pinheiro Tavares, Sandy Wohl, Jeremy Berardi, Eric Schaap, Jason Rebelo Neves*
*3. Rei: Sonia Garson, Lynn Hilger, Tatjana Nowotny, Dylan Guerra Alves, Denise Pires, Pol Hansen, Nuno Da Silva Abreu*
*4. Rei: Michael Pires Dos Reis, Giampaulo Porritiello, Chiara Antunes Ribeiro, Pit Elcheroth*

# 5. SCHOULJOER

## Bonjour alleguerten!

Mir sinn d'Kanner aus dem 5. Schouljoer vun der Joffer Lynn an schreiwen iech lo mol wat dat lescht Joer bei eis lass war.

Mir hunn vill misse léieren an hunn awer och heiansdo méi flott Saache gemeet.

Sou hate mir zum Beispill am Maerz eng Liesnuecht. Freides no der Schoul si mir um 4 Auer heem gaang an hunn net eisen Schoulsak, mee eis Schlofsaache gepak. Géint 8 Auer ass et dann lass gaangen. Zesummen mat deenen aneren aus dem 5.Schouljoer hu mir dem Roland Meyer nogelauschtert. Hien huet aus verschiddene vu senge Bicher virgelies, an duerno konnte mir nach Froe stellen. Dëst huet jo awer bëssen Energie kascht an duerfir kruten mir ee gudden Thüringer (eis Pappen haten nämlech och eng Aufgab deen Owend).

Duerno hu mir eis zréckgezunn, nach bëssen an eise Bicher gelies an no Mëtternuecht dann endlech d'Aen zou gemaach. Moies hu mir eis nees mat engem fräsche Croissant an enger Schokolasmëllech gestierkt a wéi mir bis alles rem geraumt haten, si mir heem gaang.

Am Juli waren mir zesummen een Dag mam 4.Schouljoer op Paräis. Ee Guide huet eis verschidde Saachen gewisen an eis bëssen Paräis erklärt. Mëttes hu mir um Fouss bei der Sacré Coeur eis Mëttespaus ageluecht an eisen Picknick ausgepakt. Am Nomëtteg sollte mir den Eiffeltuerm kucke goen, mee well do zevill Leit waren, hu mir een Tour mam „Bateau mouche" gemeet. Dat war ganz flott an opreegend. Géint 6 Auer hu mir eis sou lues op den Heemwee gemeet.


Just iert d'Vakanz ugaang as, hu mir eis och nach eng Kéier sportlech betätegt. Moies um 8 Auer hat jiddereen säin Drotiesel mat an d'Schoul breucht a mir hunn eis zesumme mam 4.Schouljoer op den Wee Richtung Iechternach gemeet. Zu Dillingen hu mir eis gestierkt a sinn, no puer klengen techneschen Zwëschefäll, nees Richtung Schieren geradelt.

Am Oktober gesidd dir eis lo eng Kéier am Duerf, wat mir do maachen, verroden mir iech nach nët!

Bis geschwënn!




Ecole Primaire de Schieren * 5. Klasse Frau Steffen-Dondlinger *
Gilberto Alves Lopes
Daniel Barbosa Fernandes
Tamira Berardi
Patricia Cruz
Sarah Darouach
Katy Fernandes Cardoso
Anne Goerens
Frau Kips-Gilson
Daniel Kleer
Kevin Marbes
Rui Peneda
Anna-Bella Pereira
Carolina Queta
Florine Schaillié
Sharon Schaus
Rui Soares de Pinho
Frau Steffen-Dondlinger
Marcelo Varela Mata
Claire Zanter


Ecole Primaire de Schieren * Kollegium * 22.04.2005
4. Reihe
Jeanne Steffen-Dondlinger
Marie-Paule Kohn-Weber
Lynn Goerens
Monette Polfer
Cécile Thein
Viviane Storn-Wantz
Diane Richartz
3. Reihe
Myriam Stüren
Martine Ewert
2. Reihe
Blanche Weber
Patricia Gilson
Bob Schroeder
Michèle Kauffmann
1. Reihe
Jos Kempa
Giusi Leone
Nadine Lanners
nicht abgebildet
Elvire Decker Marbach
Nathalie Meiers
Véronique Dahm-Ludivicy
Claudine Schmitz-Walesch

# 6. SCHOULJOER

## Abschied von der Primärschule

Wir sind 16 Schüler(-innen), welche die Primärschule in diesem Sommer verlassen haben. Einige von uns werden das Gymnasium oder Lyzeum im kommenden September besuchen.



Chris Fuchs: Mir hat es gut in der Primärschule gefallen. Im 4. Schuljahr haben wir mit der Klasse Paris besucht. Im 6. Schuljahr haben wir sogar Theater mit der Klasse gespielt, was ich am liebsten nochmals in der 7. Klasse tun würde. Ich werde meine Lehrer(innen) bestimmt vermissen, Frl. Monette Polfer, Fr. Patz Gilson und Herrn Jos Kempa. Später werde ich den Beruf des Krankenpflegers ausüben.



Celia Giudice: Mit viel Mut verlasse ich die Schierener Primärschule. Und begebe mich ins Lycée classique nach Diekirch. Eigentlich schade, dass ich nach 8 Jahren die Schierener Schule verlassen muss, aber ab jetzt beginnt für uns ein neuer Lebensabschnitt. Danke an alle Lehrer (-innen), die mich während dieser 8 Jahre begleiteten und mir vieles beibrachten. Ich hatte jede Menge Spaß in der Schule und werde bestimmt noch vieles in Zukunft lernen. Später möchte ich Lehrerin werden.




Ben Feinen: In der Primärschule hat mir eigentlich alles, außer Französisch und Mathematik, gefallen. Am meisten freute ich mich natürlich über die Ferien. Was ich am Gymnasium nicht so gut finde, sind die vielen Schüler, aber ich werde es durchstehen. In Zukunft werde ich vermutlich vieles vermissen, vor allem einige Freunde aus meiner Klasse. Obwohl ich traurig bin, dass die Primärschule vorbei ist, freue ich mich doch genauso auf das Gymnasium. Mein Berufswunsch für die Zukunft lautet: Zoodirektor.

Jeff Van der Pal: Mir gefiel es gut in der Primärschule. Leider gab es im 6. Schuljahr viel Stress wegen der Tests und oft Streitereien in der Pause. Ich freue mich schon auf die neue Schule und auf viele neue Freunde.



Nora Mahr: Ich werde alle meine Freunde(-innen) und das Lehrpersonal der Schierener Primärschule vermissen. Obwohl ich die Schierener Schule nur während der zwei letzten Jahre besuchte, hat es mir doch sehr gut hier gefallen. Meine grösste Angst ist der bevorstehende erste Schultag im Gymnasium. Später möchte ich Lehrerin werden.

Philipp Michels: Es wird wohl Zeit zum Abschiednehmen. Ich fasse mich kurz und bedanke mich bei allen Lehrern und Lehrerinnen, die mich vieles gelehrt haben. Ich vermisse jetzt schon die Primärschule und werde bestimmt auch das Fußballspielen während der Pausen vermissen. Wie dem auch sei, für uns beginnt jetzt ein neues Leben. Später werde ich Archäologe.



Pit Gries: In der Primärschule fand ich es cool, vor allem als wir mit der 4. Klasse nach Paris und in die Skiferien fuhren. Ich bin aber auch froh, ins Lycée technique zu gehen, um neue Freunde kennen zu lernen.



Martine Kemp: Mit einer Träne im Knopfloch verlasse ich die Schierener Schule. Ich hatte zwar nur 3 Lehrer (-innen), doch sie waren alle fast immer gut drauf. Mit meinen Lehrern Jos Kempa, Monette Polfer und Patz Gilson fand meine schülerische Laufbahn in der Primärschule einen tollen Abschluss. Am meisten werde ich sicherlich meine Freunde(-innen) und die tollen Pausen vermissen. Demnächst werde ich das LCD in Diekirch besuchen und hoffe auch dort, neue gute Freunde(-innen) zu treffen. Natürlich werde ich an Euch alle denken und wünsche uns allen eine erfolgreiche Zukunft. Später möchte ich gerne Französischprofessorin werden.

Michel Dostert: Ich verlasse die Primärschule mit viel Mut und hoffe, dass ich viel Glück auf dem neuen Weg haben werde, den ich mir gewählt habe. Meinen Freunden wünsche ich ebenfalls ein sorgenfreies, gesundes und glückliches

Leben. Ich hoffe, dass ich meine Freunde auch in Zukunft oft wiedersehe, denn genauer gesagt (geschrieben), ich könnte ohne meine Freunde nicht leben.



**Joe Nowotny:** Ich freue mich auf die Zukunft. Meine Freunde und die Pausen werde ich bestimmt vermissen. Ich hoffe, dass ich in der neuen Schule auch viele neue Freunde finden werde.

**Jessica Hansen:** Bald werde ich das Lycée Technique in Ettelbruck besuchen. Am meisten werde ich Valérie, Anne, Herrn Kempa, Frl. Polfer, Mme Stüren und Herrn Reckinger aus der Primärschule vermissen. Leider sehe ich meine besten Freundinnen nicht mehr all zu oft. Die Skiferien mit „Joffer Myriam" werde ich nie vergessen sowie des Theaterspielen mit der ganzen Klasse bei Herrn Kempa. Später möchte ich in einem Handygeschäft arbeiten.

**Alan Delgado Fortes:** Obwohl es mir in der Primärschule gut gefallen hat, freue ich mich auf eine neue Herausforderung. Natürlich werde ich meine Freunde und Freundinnen und auch die Lehrer vermissen. Ich bin gespannt auf die Zukunft.



**Valérie Everard:** In der Primärschule in Schieren war es großartig, ich habe viele Freundinnen gefunden, die ich leider in der „großen" Schule nicht mehr so oft wiedersehen werde. Ein wenig freue ich mich aber jetzt schon aufs Gymnasium und hoffe, dort auch wieder viele Freunde(-innen) kennen zu lernen. Ein wenig Angst empfinde ich aber auch vor dem ersten Schultag, weil ich nicht geau weiß, wie es dort aussieht und welche Lehrer (-innen) ich bekommen werde. Werden diese so nett und freundlich sein wie diejenigen aus der Schierener Primärschule? Vermissen werde ich bestimmt Jessica, Anne, Herrn Kempa und Joffer Polfer. Im 3. und 4. Schuljahr unternahmen wir viele Ausflüge: wie begaben uns in die Skiferien nach St. Jean d'Arves, sind Fahrrad gefahren und besuchten Paris. Im 6. Schuljahr haben wir mit der ganzen Klasse Theater gespielt, 3 verschiedene Theaterstücke, das war echt toll. Schade, dass wir dies nicht mehr wiederholen können. Den Erlös konnten wir krebskranken Kindern stiften. Ich träume davon, später Lehrerin zu werden.


**Christoph Weiler:** Ich freue mich schon sehr auf das bevorstehende Schuljahr, doch vermissen werde ich verschiedene Lehrer, Schüler(-innen) und die Pausen mit dem Fußballspielen. In der neuen Schule werden wir leider die Jüngsten sein obwohl wir jetzt die Ältesten der Primärschule waren. Im kommenden Schuljahr werden wir auch öfter Prüfungen schreiben müssen. Leider muss ich mich am 15. Juli 2005 von der Schierener Primärschule verabschieden. Ich hoffe, dass sich mein Traumberuf des Architekten in Zukunft erfüllt.



**Irnes Imsirovic:** Obwohl es in der Primärschule sehr schön war, freue ich mich trotzdem schon auf das Lyzeum. In der Primärschule hatte ich sehr viel Spaß, aber leider muss ich die meisten Freunde verlassen, weil viele eine andere Schule besuchen werden als ich. Die Lehrer(-innen) der Primärschule werde ich sehr vermissen, hoffe aber in der neuen Schule auch wieder so tolle Lehrer(-innen) haben werde wie in Schieren. Obwohl ich nur ein einziges Jahr in der Schierener Primärschule war, habe ich mich sehr schnell dort eingelebt, denn die Klassenkameraden(innen) und Lehrer(-innen) waren alle sehr nett zu mir.



**Desirée Waldbillig:** Die vielen Jahre hier in der Schierener Primärschule waren für mich lehrreich und interessant. Mit freundlichem Lehrpersonal haben wir Rechnen, Deutsch und Französisch gelernt. Besonders gut gefallen haben mir die Skiferien in St.Jean d'Arves, der Besuch nach Paris und die Fahrradtour. In der 6. Klasse haben wir wochenlang für unser Schultheater geprobt, das wir erfolgreich am 7. und 8. Mai 2005 im Festsaal vor vielen Zuschauern vorführen durften. Diese anstregenden, jedoch wunderschönen Tage werde ich bestimmt nie vergessen. Bald werde ich das LCD in Diekirch



besuchen und hoffe dort auch so liebe Freunde(-innen) zu finden wie ich sie hier in der Primärschule hatte. Mein Berufswunsch ist Lehrerin einer Primärklasse.

**Jos Kempa:** Als Lehrer der 6. Klasse muss ich mich wohl ungern von meinen netten, freundlichen und fleißigen Schülern(-innen) verabschieden. Kaum jemals zuvor ist es mir so schwer gefallen, mich von diesen jungen Menschen zu verabschieden, denn diese Klasse zählte 16 disziplinierte, fleißige und nette Schüler(-innen), wie ich es selten zuvor erlebt habe.

**Euch allen wünsche ich viel Erfolg in der neuen Schule sowie eine glückliche und gesunde Zukunft ! ! !**

**Mögen sich Eure Berufswünsche alle erfüllen ! ! !**




## Schecküberreichung in der Primärschule Schieren

Neulich konnten die 16 Schüler und Schülerinnen der 6. Klasse unter Leitung ihres Lehrers Jos Kempa einen Scheck in Höhe von 1.800 Euro an eine Familie aus Esch-Alzette überreichen, welche ein krebskrankes Kind hat. Dieser Erlös stammt aus der fleißigen Arbeit der Schüler(-innen), welche monatelang 3 luxemburgische Theaterstücke einübten, um diese dann am vergangenen 7. und 8. Mai 2005 im Schierener Festsaal vor rund 250 Zuschauer(-innen) vorzuführen. Mit diesem Scheck wollen die jungen Theaterspieler(-innen) konkret einem 6 jährigen krebskranken Kind ermöglichen, notwendige Anschaffungen zu tätigen.

*Foto: Luc SCHUMACHER*



# AAL SCHOULKLASSEN

1934 - 35

| Laufende Nummer. | Name und Vorname des Kindes. | Konfession. | Datum der Geburt. | Geburtsort des Kindes | Geburtsland. | Staatsangehörigkeit | Schulpflichtig geworden des Schuljahres | Schulpflichtig bis zum | Alter am 1. November 19 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | Duschang Albert | id. | 13.3.28. | Rusange | Frankreich | id. | 1934 | 1941. | 6 |
| | Mezrath Joseph | id. | 9.9.28. | Schieren | Luxemburg | id. | id. | id. | id |
| | Blez Joseph | id. | 26.11.27. | id. | id. | id. | id. | id. | id |
| | Koster Marcel | id. | 2.7.28. | id. | id. | id. | id. | id. | id. |
| | Paulz Mathias | id. | 13.5.28. | id. | id. | id. | 1934. | 1941. | id |

1944 - 45

| Numéro d'ordre | Noms et prénoms des enfants | Confession | Date de naissance | Lieu de naissance de l'enfant | Pays d'origine | Nationalité | Scolarité obligatoire: Commencement | Scolarité obligatoire: Fin | Age au 1er novembre 1946 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | Mayerus Nicolas | id. | 14.4.38. | Schieren | id. | id. | 1944 | 1952. | 6 |
| | Weiler Norbert | id. | 23.3.38. | id | id. | id. | id. | id | id |
| | Pauwels André | id. | 14.1.38. | id. | id. | Belge | id. | id. | id |
| | Rommes Henri | id. | 4.3.37. | id. | id. | Luxbg. | 1943 | 1951. | 9. |
| | Flammang Francine | id. | 11.5.38. | id | id | id. | 1944 | 1952 | 8 |
| | Wagner Catherine | id. | 12.5.38. | id | id | id. | id | id | id |
| | Schroeder Marie-Anne | id. | 7.8.38. | id | id | id. | id | id | id. |
| | Schroeder Netty | id. | 27.3.38 | id. | id. | id. | id. | id. | id. |
| | Peiffer Jean | id. | 5.3.38. | Schieren | id | id. | 1944 | 1952 | 6 |

1964 - 65

| Numéro d'ordre | Nom et prénoms des enfants | Confession | Date de naissance | Lieu de naissance de l'enfant | Pays d'origine | Nationalité | Scolarité obligatoire: Commencement | Scolarité obligatoire: Fin | Age au 1er novembre 19... |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | Arend Marianne | " | 29.4.58 | Ettelbrück | Luxbg | lux | 64 | 73 | 6 |
| | Degrand Josiane | " | 14.2.58 | Wiltz | " | " | " | " | " |
| | Dondlinger M. Paule | " | 21.10.58 | Ettelbruck | " | " | " | " | " |
| | Dondlinger Jacquel | " | 21.10.58 | " | " | " | " | " | " |
| | Goerens Jeanny | " | 30.8.58 | Ettelbruck | " | " | " | " | " |
| | Hansen Christiane | " | 9.9.58 | Ettelbruck | " | " | " | " | " |
| | Klein Annette | cath | 29.12.58 | Ettelbruck | Luxbg | luxbg | 64 | 73 | 6 |
| | Nickels Christiane | " | 3.6.58 | Ettelbruck | " | " | " | " | " |
| | Petry Marie-Josée | " | 21.3.58 | Ettelbruck | " | " | " | " | " |
| | Berwick Guy | " | 18.5.58 | Luxembourg | " | " | 1964 | 1973 | |
| | Greisch J[illegible] | " | 26.8.58 | Ettelbruck | " | " | " | " | |
| | Krüger Ingo | évang. | 20.4.58 | Woldegk (Mecklenburg) | Allemagne | allem. | " | " | |
| | Pauwels Pierrot | cath. | 24.12.58 | Ettelbruck | Belgique | belge | " | " | |
| | Weber Fernand | " | 17.5.58 | Luxembourg | Luxemb. | lux. | " | " | |

# VAKANZAKTIVITÉITEN 2005

Säi Verspriechen hält een.

Vu dass mir d'lescht Joer aus verschiddene Grënn just hei zu Schieren bliwwe sinn, ass versprach ginn fir d'next Joer een Dag an d'Fantasialand op Brühl ze fueren.

A wat passt besser bei d'Fantasialand wéi Fantasie an Zauberei ënnert den Thema „ Harry Potter"

Jiddereen konnt op seng Art a Weis den Harry Potter an seng Zauberwelt kenne léieren. Eis Aktivitéiten hunn ënner anerem bestanen aus:



## Bastelen

Eng Harry Potter Schoulunifom ( T-shirt molen)

Kanner hu sech géigesäiteg Cadeauen fir d'«Siegeréierung» gebastelt.

## Sportlechen Aktivitéiten

Quidditch ( vereinfacht Form)

Schwammen op Réiden

## Zauberkiermes

Hei goufen verschidden Atelierën ugebueden. All Ekipp konnt souvill Punkten hei sammelen wéi méiglech.

Héichpunkt vum Dag: Besuch vun engem richtegen Zauberer deen eis sou munch Tricken bäibruecht huet.

## Ausflug

Den Ausflug an d'Fantasialand war die beandrockenst Aktivitéit vun den desjäeregen Vakanzaktivitéiten.

Als Ofschloss gouf et een Harry Potter Rallye duerch een Deel vum Duerf an zesummen Grillen mat uschléissender Siegeréierung.

*Ee spezielle Merci un all d'Elteren fir hiert Vertrauen an d'Matschaffen och a punkto Finanzen vu Säiten vun de Kanner an der Organisations- a Moniteursekipp.*

LANNERS Nadine





*Ee besonnesche Merci der Moniteursekipp fir hiert Engagement bei den desjäeregen Vakanzaktivitéiten.*

*Et waren dest: Romy Bertemes, Marbes Jessica, Meisch Danielle, a Gilles Gries vu Schieren, Christiane Streveler vu Colmer-Bierg a Peters Angela vu Bitscht.*

*Ënnert der Leedung vun der Educatrice aus dem Précoce, dem Nadine Lanners, hu si ronn 30 Kanner vill Freed an zwou agreabel Vakanzwochen bereet.*

# COUPE SCOLAIRE

No dem gelongenen Oflaf vun der Coupe Scolaire vun 2004 war et fir d'Verkéierskommissioun séier klor, fir och am Joer 2005 dës Manifestatioun erem z' organiséieren. D'Zil vun der Coupe Scolaire ass et, de Kanner déi elementar Verhalensregelen am Verkéier bäizebréngen; et gouf deemno esouwuel een theoreteschen wéi och e prakteschen Deel. D'Theorie, déi vum Léierpersonal iwwermëttelt ginn ass, gouf duerno an enger Art «schrëftlecher Prüfung» getest. De prakteschen Deel (fir d'Kanner war deen natierlech méi interessant) ass „op der Strooss" ofgehale gin. Et ass drëms gaangen e Parcours vun +/- 2300 m zréckzeleeën a sech







an all Situatioun richteg verhalen (Fouss op de Buedem bei engem Stop, Arem ausstrecken beim Abéien an eng Strooss,...). Déi Leit déi deen Dag present waren hunn dann och séier gemierkt, dass et net esou evident ass fir mam Velo op der Strooss ze fueren. Déi Feststellung ass dann och de beschte Beweis dass dës Manifestatioun net vu Mutwell an nëmmen zum Gudden vun de Kanner ass.

E grousse Merci nach eng Kéier un all déi vill Fräiwëlleg, déi dozou bäigedroen hunn dass och 2005 eng Coupe scolaire an der Gemeng Schieren konnt organiséiert ginn.

SCHMITZ Marc

# D'SCHOULKOMMISSIOUN AN HIR BEDEITUNG

**1. D'Schoulkommissioun besteet aus folgende Memberen:**

a) de Buergermeeschter oder sein Delegéierten (President)
b) de Paschtouer oder sei Vertrieder
c) 3 Memberen designéiert duerch de Gemengerot

an Gemengen mat méi wéi 3000 Awunner sinn 5 Memberen ze designéieren

**2. Wien kann Member an der Schoulkommissioun ginn?**

a) mindestens 25 Joer al
b) muss an der Gemeng wunnen
c) nach all seng biergerlech a politesch Rechter hunn

**3. Kann een Auslänner (ouni lëtzebuergesch Nationalitéit) Member vun der Schoulkommissioun ginn?**

Nee, well hien huet keng politesch Rechter

**4. Kann ee Jonggesell Member vun der Schoulkommissioun ginn?**

jo, mee da mussen di aner zwee eng Mamm an ee Papp vun engem Kand aus deser Schoul sinn.

**5. Kann ee Léierpersonal Member vun der Schoulkommissioun ginn?**

nee, seng Kompetenzen si nit vereinbar mat deene vun der Schoulkommissioun. Den Delegéierten vum Léierpersonal soll awer mindestens un 2 Sitzungen am Joer deelhuelen.

**6. Fir wéi laang sinn Memberen vun der Schoulkommissioun gewielt?**

d'Schoulkommissioun gëtt all 6 Joer nei gewielt no der Erneierung vum Gemengerot.

**7. Wat ass Aufgab vun der Schoulkommissioun?**

d'Schoulkommissioun huet fir Aufgab:

- op ze passen, dass d'Schoulstonnen am Schoulunterrecht exakt agehale ginn.
- hëllefen, dass Schoulkanner ëmmer um Unterrecht deelhuelen an dass d'Absencen no Méiglechkeet vermiede ginn.
- der Gemengeverwaltung matdeelen, wann ee Problem mat Mobiliar besteet

- bei zousätzlechen Aarbechten zum Schoulwiesen hëllefen (z.B. Bibliotéik)
- mindestens 2 Visiten pro Semester an der Schoul an dat zesummen mat dem Léierpersonal

**8. Kann d'Schoulkommissioun aleng Entscheedungen treffen?**

nee, ausser wann et ëm Dispensen fir Schoulstonnen geet, proposéiert d' Schoulkommissioun dem Gemengerot wat fir Moossnahmen geholl solle ginn.

Als Buergermeeschter wëll ech der Madame Berwick Sylvie, der Madame Lepage Marion an dem Här Schaus Claude villmols merci soen fir hir geleeschten Dingschter am Interesse vun äise Kanner.

**Appel un déi Mammen a Pappen déi hei wëlle matschaffen, fir sech no de Walen ze melden!!!**

# FIRWAT GOUF HIEN VUM BOURKEL KLOUTSCHE GENANNT?

Haut ass deejénegen 86 Joer al, mee deemools hat hien sou 11 oder 12 Joer. Hie war een vun de Lausbouwen aus dem Fobuur. Ech hat se op dëser Plaz schons eemool genannt: de Jemp, de Pol, de Jeng an de Vic. Si sinn haut stänneg Hären, mee si erënneren sech nach gären un déi Spichten, déi si gedriwwen hun, och wann déi nit ëmmer dat Feinst waren. Nujee, et ware Bouwentricken, an ee Bouf soll scho mol heiansdo iwwer d'Sträng schloen.

Si haten et op eng al Fra afgesin. Wéi al se war ass haut schwéier ze soen. Deemools hun déi Bouwen all Fra iwwer 40 Joer als al ugesin; haut sin dat nach knackeg Stécker. Mee dës Fra war awer bestëmmt méi al; ech géif mengen sou ëm déi 65 bis 70. Si huet vis-à-vis vu Judithe gewunnt. Haut ass déi ganz Rei Heiser, vun Hengen bis zum Gréidly afgerappt, an déi Jonk vu Schieren kënnen sech nit virstellen, wéi deen Quartier ausgesinn huet.

Jo, si hun dem Gréidly eng gespillt. Dat war nit ganz kathoulesch; si war nämlech eng herzensgutt Fra, wéi gesot scho bëssen al, an si huet och nit gutt gesinn. Fréier hat si ee Café, a si hat ëmmer Clientën, a si hat och een Hond, de Bobby, deen awer kengem eppes gedoen huet. Hie konnt nëmme billen.

Dunn hat se awer kee Café méi an och keen Hond. Si war ganz eleng an hirem Haus, a wann si eppes gebraucht huet oder eppes ze lese war, ass si vis-à-vis bei Judithe Gréitchen gaang. Also et war nit grad schéin, mat dëser Frau Spichten ze man.

D'Bouwen hu gesin, dat se aus dem Haus gaangen ass; hei war d'Geleeënheet si auszespären. De Jemp hat ëmmer all méiglech Saachen a sengen Täschen: Knäpp, Fixfeier, Ficellen, Neel a wat nach. Hien huet e puer Neel geholl, an déi ferm an d'Schlëssellach ragedréckt. D'Bouwen sin an der Noperschaft bliwwen. D'Gréidly war ni laang fort; si wollte gesinn, wat do geschéie géif.

Si koum rëm, de Schlëssel aus dem groe Rack geholl.... mee si konnt d'Schlëssellach nit fannen. Si huet probéiert a probéiert, a well si nit gutt gesin huet, konnt si sech nit erklären, wat do geschitt ass. Si ass du riwwer bei Judithe Gréitchen gaang. Déi huet dun d'Saach och inspizéiert, a déi huet gesin, dat do Neel am Schlëssellach stouchen. Do konnt nëmmen een hëllefen, den Hanni. D'Gréitchen huet engt vu senge Kanner bei den Hanni geschéckt, an deen huet séier alles rëm an d'Rei bruecht. D'Gréidly koum an d'Haus ran.

Et gouf awer eng Nogeschicht. Déi huet sech an der Schoul beim Bourkel afgespillt. Ech weess nimméi grad wéi, mee et ass rauskomm, dat de Jemp jiddenfalls d'Neel geliwwert hat. An hie krousch newent enger Strof säi Numm: de Kloutschen. Et muss ee wëssen, dat dat schéint Lëtzebuerger Wuert Kloutschen vum franzéische kënnt: le cloutier, dat ass deen, dee Neel fabrizéiert oder mat Neel op de Maart fiert.

Ech hoffen, dat de Jemp nit béis iwwer mech gëtt, dat ech dës Geschicht aus dem Tirang gezunn hunn. Haut kann een doriwwer laachen!

Vic FISCHBACH

# VANDALISMUS AM LÉIERPAD HANNERT DER KIERCH



An der Nuecht vum 10. op den 11.August haten een oder e Puer aarmséilech frustréiert Geeschter näischt Besseres ze dinn, wéi 14 vun 18 Luuchten laanscht de Wee ze beschiedegen, d´Plexiglasfënsteren vum Raider kuurz a kleng ze schloen. Ausserdeem hunn si d´Netzer vun de Goaler an d´Schutzpolsterung vun de Bakettpoteauen am Schoulhaff rofgerass.

Den Här Buergermeeschter huet den 11.August bei der Police Ettelbréck eng Plainte agerecht, di hirersäits Protokoll erhuefen hunn an un de Parquet Dikrech weider geleet hunn.

Foto: Raider, Lut



EUROPA DONNA Luxembourg

# BROSCHTKRIIBSLAF 2005

Madame,
Monsieur,

Europa Donna Luxembourg organise donc son désormais 'traditionnel' Broschtkriibslaf le 8 octobre 2005 sous le patronage de la Ville de Luxembourg, des Ministères de la Santé, celui de l'Egalité des chances et du Département ministériel des Sports.

Pour l'édition 2005 les organisateurs ont prévu de dresser le cadre de cette manifestation de la façon suivante:

- Concept-sujet :
  **le cancer du sein: santé - sport - réhabilitation**
- ce sera une journée de rencontre, d'échange, d'information pour les femmes atteintes d'un cancer du sein et de solidarité avec elles et leurs familles; tous ceux qui se sentent concernés d'une manière ou d'une autre
- sont donc invités à les rejoindre ; en octobre 2004 plus de 700 personnes se sont retrouvés ensemble malgré une météo défavorable
- lieu: place du Glacis à Luxembourg-Ville de 9.00 à 16.00
- c'est l'occasion de trouver renseignements et informations dans une 'Zeltstad' avec le concours de firmes orthopédiques spécialisés, des stands de livres et de brochures, d'associations et professionnels du monde de la santé et évidemment des sponsors
- seront montrés des vidéos en relation avec le cancer du sein
- seront également à l'affiche les premiers résultats de l'enquête «Parcours de Femmes» réalisée en 2004/2005 par ILReS auprès des femmes atteintes ainsi que des professionnels de la santé au sujet de la qualité de la prise en charge globale du cancer du sein au Luxembourg

- une table ronde publique avec des spécialistes en oncologie et des responsables politiques permettra de faire le point sur la prise en charge du cancer du sein au Luxembourg

- sur le plan sportif sont prévus les courses suivantes à travers le Parc de la Ville sur un circuit étendu par rapport aux 2 premières éditions

  10.00 Walking 3 km
  11.00 Jogging 6 km
  12.00 Course Jeunes

  le Service des Sports pour tous de la Ville de Luxembourg assurera l'encadrement avec ses moniteurs à partir de 9.30 (réchauffement, stretching ...)

- un service de catering sous tente fonctionnera de 9.00 à 15.00

- café, thé, jus, eaux minérales, viennoiseries, soupes, barbecue ...
- repas de midi
- seront vendus essentiellement des produits TransFair (commerce équitable) et/ou d'origine biologique pour assurer une cohérence avec le concept de la manifestation

Pour des renseignements supplémentaires, veuillez me contacter, de préférence soit par mail (astrid.scharpantgen@ms.etat.lu), soit par téléphone (478 5563).

En espérant une réponse favorable de votre part à la requête d'Europa Donna, je vous prie de recevoir au nom des organisateurs l'expression de mes meilleures salutations.

Astrid SCHARPANTGEN
membre du comité d'organisation

Europa Donna Broschtkriibslaf 2005 BP 1815 L-1018 Luxembourg
CCPL: LU 09 1111 2127 0581 0000

# Journée de solidarité et de rencontre

## Solidarität und Begegnung

**8.Oktober 2005**
**09.00 - 16.00 Auer**
**Zeltstad um Glacis**

Laf am Park vun der Stad Lëtzebuerg

| | |
|---|---|
| 09.00 | Inscription, remise des dossards<br>Einschreibung, Verleihung der Startnummern |
| **Start** | |
| 10.00 | Walking 3km |
| 11.00 | Jogging 6km |
| 12.00 | Course Jeunes |
| 12.15 | Table ronde avec des médecins spécialistes, des responsables politiques, des femmes concernées.<br>Rundtischgespräch mit Fachärzten, politisch Verantwortlichen, und Betroffenen. |

## Inscriptions - Réservations-Informations

Participation: **10€** par personne (enfants +15 ans / étudiants 5€) à verser de préférence à l'avance.
Einschreibegebühr: **10€** pro Person (Kinder + 15 Jahre / Studenten 5€) vorzugsweise im voraus zu überweisen.

internet: **www.europadonna.lu**

fax. **73 00 26** tel: **73 02 15**

**Europa Donna Luxembourg a.s.b.l.:**
**CCPL IBAN LU09 1111 2127 0581 0000**

**Bulletin d'Inscription**
**Anmeldungsformular**

Nom / Name ..............................................

Prénom/Vorname ........................................

Adresse ...................................................

...............................................................

Tél. / Tel. ................................................

3 km Walking .....O 6km Jogging .....O

Adultes ..... x 10€
Enfants +15/Etudiants ..... x 5€

Menu
Spaghettis végétariennes ..... x 8€
Spaghettis bolognese ..... x 8€

Date et signature/Datum und Unterschrift

...............................................................

envoyer à / senden an:

fax: 73 00 26 tél: 73 02 15
email: europadonna@pt.lu

adresse: Elvire ALBERT-GANGOLF
9, Born Moulin, L-6661 BORN

# Europa Donna Luxembourg asbl

**invitéiert op den**

## 3. Laf géint de BROSCHTKRIIBS 2005

Course contre le cancer du sein

**Samedi 8.Octobre**
**um Glacis**
**10.00 - 16.00**

Brustkrebs
Gesundheit - Sport - Rehabilitation

Le cancer du sein
Santé- Sports- Réhabilitation

**Sports**
**Animations**
**Informations**

Vestiaires
Animation : Sports pour tous

Concert: Ethno Trio

Cancer du sein
VIE QUOTIDIENNE - ASPECTS PRATIQUES

Echanges, dialogues et informations sous des tentes chauffées

Stands d'informations d'associations et de magasins spécialisés

**Menu du jour / Tagesmenü 8€**
*Spaghettis bolognese / végétariennes
*(sur réservation)*

* Boissons, Snacks, potage
* Getränke, Snacks, Suppe

Sous le patronage de:

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Egalité des Chances

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Département ministériel des Sports

Avec le soutien de:

VILLE DE LUXEMBOURG

BANQUE GÉNÉRALE DU LUXEMBOURG | FORTIS
BGL. PARTENAIRE D'UN MONDE *PLUS* OUVERT.

LE FOYER
VivA

FREELANDER'S SPORTS FASHION
SPORT 2000

CMD
SERVICE PROVIDER LUXGSM moving spirit

TRANSFAIR FAIRTRADE

# BLËTZASCHLAG AN DER RUE PEUSCH

Méindes de 27. Juni ëm di halver 8 owes huet et eng Kéier extrem hell geblëtzt a gläich furchtbar gekraacht. Et sollt sech gläich rausstellen dass et no bei der rue Peusch ageschloen hat.

1/4 vir 8 owes ass de Roger Stelmes ugeruff ginn well d'Televisiounen an der rue Peusch, dem ieweschten Deel vum Neie Wee an an der rue des Champs nit méi gongen. Gläich waren e puer Läit vun der Gemeinschaftantenne op der Plaz an et sollt sech rausstellen dass am Haaptverdeeler an der rue Peusch eng Sicherung verbrannt war.

Op d'mannst 15 Fernseher, eng ganz Rei ISDN Telefoner en etlech Videorekorder a Computer haten dëse Blëtzschlag nit iwwerleewt.

***Eisem Service de dépannage ee grousse Merci vir di schnell Reparatur.***






# SCHUEBERFOUER

Ein schönes Erfolgserlebnis kannte die Schierener Studentin Fabienne Schmit als ihr futuristisch und farbenfroh gestaltetes Plakat bei einer von der Stadt Luxemburg organisierten Ausschreibung den ersten Platz errang und ihr damit ein Preisgeld von €2.000 zugesprochen wurde. Unter den 30 Bewerbern entschied sich die Jury für das Werk von Fabienne. Mit ihrem Motiv wird demnach in den nächsten 5 Jahren für die Schueberfouer geworben werden. Die Abiturientin der Sektion „Arts plastiques“ des Lycée Classique Diekirch wand dabei die Programme Photoshop, InDesign und Illustrator an.

# MANIFESTATIOUNSKALENNER 2005
# OKTOBER BIS DEZEMBER

| DATE | | GENRE | SOCIETE |
|---|---|---|---|
| **Oktober** | | | |
| Freides | 07.10.05 | Generalversammlung | Theaterfrënn |
| Sonndes | 09.10.05 | Gemengewahlen | Gemeng |
| Samsdes | 15.10.05 | Mullenowend | Basket |
| Sonndes | 16.10.05 | Journée du Grand Âge | Amiperag |
| **November** | | | |
| Samsdes | 12.11.05 | An der Uucht | Football-Club |
| Freides | 18.11.05 | Generalversammlung | Tennis |
| Freides | 25.11.05 | Konter a Mitt Owend | Jugend |
| Samsdes | 26.11.05 | Generalversammlung | Musek |
| **Dezember** | | | |
| Samsdes | 03.12.05 | Niklosfeier | Musek / Gemeng |
| Sonndes | 04.12.05 | Bärbelendag | Pompjeeën |
| Mëindes | 05.12.05 | Den Kleeschen kënnt an d'Haus | Jugend |
| Donnesdes | 08.12.05 | Adventsfeier | Fraen an Mammen |
| Samsdes | 10.12.05 | Generalversammlung | Gaart an Heem |
| Sonndes | 11.12.05 | Chrëschtmaart | Pompjeeën |
| Mëttwoch | 14.12.05 | Chrëschtfeier | Amiperas |
| Mëttwoch | 21.12.05 | Chrëscht-Concert | Chorale |
| Samsdes | 24.12.05 | Glühwain | Fraen an Mammen |
| Samsdes | 31.12.05 | Sylvester | |

*Source: Kultur a Festkommissiounskalenner*

